Wiltz
Capitale des Ardennes

Wooltz, den 2. September 2019

INVITATIOUN

WAT BEDEIT D'ECONOMIE CIRCULAIRE AN DER PRAXIS FIR D'LËTZEBUERGER GEMENGEN?

Léif Gemengeverantwortlech,

Wooltz ass houfreg op seng Roll als kommunalen Hotspot vun der Economie Circulaire zu Lëtzebuerg an huet ronn 20 Pilotprojeten an d'Weeër geleet, déi d'Gemeng als nationale Kompetenzzenter vun der "Economie Circulaire" positionéieren. Besonnesch ervirzehiewe sinn hei d'Entwécklung vun engem 27 Hektar grousse Wunnquartier an Zesummenaarbecht mam Fonds du Logement, déi proaktiv Zesummenaarbecht mat de Betriber an de lokalen Aktivitéitszonen oder d'Renovatioun vum historesche Gemengenhaus aus dem 19. Joerhonnert.

Am Kader vum RIFKIN-Prozess, dee Lëtzebuerg op d'Zukunft virbereede soll, spillt „d'Economie Circulaire" eng grouss Roll. Bei der konkreter Ëmsetzung bidde sech de Gemengen eng ganz Rei vu Méiglechkeeten, wéi si um Terrain aktiv kënne ginn.

An dem Kontext invitéiert d'Gemeng Wooltz zesumme mat hire Partner Freides, den 20. September 2019 op eng national Aarbechtssëtzung. Hei ginn Aspekter, déi am Kontext vun der „Economie Circulaire" d'Gemenge besonnesch betreffen, iwwert de ganzen Nomëtten a verschiddenen interaktive Sëtzungen thematiséiert. Vertrieder aus de verschiddene Ministèren, Verwaltungen an aneren Organisatiounen déi sech zu Lëtzebuerg mat der Thematik befaasse wäerten deen Dag zu Wooltz präsent sinn.

Dës Aarbechtssëtzung gëtt vum INAP unerkannt a riicht sech un interesséiert Politiker, mee virun allem och un all Mataarbechter aus den techneschen an administrative Servicer vun de Gemengen.

Als Aféierung fir déi Leit, déi nach wéineg Erfarung mat den d'Prinzipie vun der Economie Circulaire hunn, gëtt mueres vun 9 bis 12 Auer e flotte Workshop – de Life Cycle Game - ugebueden.

All weider Detailer fannt dir um Depliant, deen dësem Bréif bäileit. Mir géifen eis freeën, fir Iech bei eis kënnen ze begréissen.

De Schëfferot vun der Gemeng Wooltz

COMMUNE DE WILTZ

Administration communale • City-Management • Grand-Rue 8 – 10 • L-9530 Wiltz • BP 60 • L-9501 Wiltz
Tél.: (+352) 95 99 39 1 • Fax: (+352) 95 99 39 46 • E-mail: citymanagement@wiltz.lu